

Mediensplitter

vum Romain Kohn

No der pensée unique: d'langue unique

De 14. November gouf déi éischt Nummer vum Quotidien publizéiert. No der Voix du Luxembourg as dat déi zweet Dageszeitung zu Lëtzebuerg, déi nëmme mat Artikelen a franséischer Sprooch erauskënnt. Do dernieft gët et zanter 1997 de Jeudi, e Wocheblad jhust op franséisch. Dës publizistesche Entwécklung wäert nët ouni gesellschaftspolitesche Konsequenze bleiwen.

Bis elo war d'Zeitungsprooch zu Lëtzebuerg an éischter Hisiicht däitsch. Sou wéi op administrativem Plang franséisch dominéiert an op de Stammineën éischter lëtzebuergesch. Mat der Wocheschrëft *Le Jeudi* an nach méi mat den Dagesblieder *La Voix du Luxembourg* a *Le Quotidien* gët dat anescht, kënn ee mengen. Mee geet déi Rechnung op? Besteet zu Lëtzebuerg en Intréss u Publikatiounen, déi nëmme op franséisch geschriwwen sinn? Ech hu méng Zweifel.

Den typesche Lieser vuenger franséischsproocheger Zeitung iwwert d'Aktualitéit am Land as bestëmmt nët den Duerchschnittslëtzeburger. Duerfir muss ee jhust kucken, wat fir Bicher hie keeft a wat fir Televisiounsprogrammer hien eraussicht. D'Banker an d'Eurokrate sinn och nët speziell motivéiert, soss hätt de Républiqueain lorrain nët opgehal an de *Jeudi* misst nët esou vill verdeelt gin, datt en antëscht zu der Gratispresse gezielt gët. D'portugiesesch Communautéit as beschdens versuergt mat zwee Blieder, déi op hier Besoinën zougesechnidde sinn. Och de Frontalierën hieren Enthusiasmus hält sech bis ewell a Grenzen; bleiwen als eenzeg Hoffnung all déi Leit, déi nach solle kommen, bis mir zu 700.000 sinn. Mee muss een onbedéngt franséisch schwätzen a liese kënnen, fir däreffen ze kommen? Direkt gesinn ech kee Besoin fir eng Zeitung exklusiv op franséisch, ausser deem vun der publizistescher Selbstduerstellung.

Op déi frankophon Presse der Integratioun tatsächlech notzt, muss ee mol gesinn. Deen nemm-

lechte Problem stellt sech bekanntlech am Schoulwiesen; an an dësem Beräich huet nach kee behaupt, d'Alphabetiséierung op franséisch wäert de Kinnékswee. Secher as, datt de parallele Gebrauch vu verschiddene Sproochen an der Lëtzeburger Presse eng laang Traditioun huet an datt all limitativ Léisung eng politesch Veraarmung mat sech bréngt. Eng frankophon Zeitung as also keng Garantie fir eng besser Integratioun vun den Auslänner. A wann dach, dann as en héijhe Präis duerfir ze bezuelen. D'Leit, déi bis elo léiwer de *Spiegel* an d'*Bild* gelies hu wéi de *Monde* an d'*Equipe*, liese mat enger frankophoner Lëtzeburger Zeitung nët méi franséisch, si liese *guer keent* méi, well si dës Publikatioun guer nët kucken. Franséisch liesen d'Leit an der Lëtzeburger Presse, wa si et niewebäi zervéiert kréien, sou wéi dat bis elo an den Dageszeitungen de Fall as. Méng Suerg as, datt mat den exklusiv frankophone Blieder och eng kulturell Segregatioun kënn.

Well et as evident: mat enger eenzeger Sprooch, op franséisch oder däitsch, an enger Zeitung änneren sech och d'kulturell Referenzen vun de Journalisten an de Lieser. Wa sech d'Politiker séngerzäit fir en deeglechen Televisiounsprogramm op lëtzebuergesch agesat hun, da war dat och, well si gemierkt hun, datt d'Leit wuel d'Nimm vun den däitschen Agrarministeren zanter dem Konrad Adenauer hannerzeg a vijhenzeg konnten opsoen, awer sech nët sécher waren, op mir iwwerhaupt sou e Ministär hätten. A wa bis ewell de Johann Wolfgang Goethe oder de Victor Hugo am Original zitéiert gouf, grad wéi et dem Journalist am beschte gepasst huet, da kënn elo nach jhust de Veiner Exildichter a Fro. Dat muss awer nët onbedéngt den Erwaardunge vun de Leit entspriechen.

Ech hat gemengt, de gesellschaftspolitesche Konsens géif doranner bestoen, datt déi dräi Sproochen an déi dräi domadder verbonne Kulturen gläichberechtegt géife benotzt gin. Datt dat de kulturpolitesche Lëtzeburger Modell wäert. Dee Konsens schénge gewësse Leit, op d'manster an der Presse, nët méi ze wëllen. Firwat soss as virun e puer Wochen extra eng Associatioun fir franséischsproocheger Journaliste gegrënnt gin? Geet et nët duer, datt mir der schon zwou hun, ausblesierter Egeléift? Musse mir d'Journalisten elo och nach no der Kultur trennen? Wiem dat eppes soll bréngen a wat, weess ech nët. Ech ahnen awer, datt dat alles vill mat nationaler Identitéit ze din huet an datt dës Froen endlech mussen

Franséisch liesen d'Leit an der Lëtzeburger Presse, wa si et niewebäi zervéiert kréien, sou wéi dat bis elo an den Dageszeitungen de Fall as. Méng Suerg as, datt mat den exklusiv frankophone Blieder och eng kulturell Segregatioun kënn.

diskutéiert gin, wa mir nët wëllen an e Kultur-
kampf schlidderen.

(Mediëchronik op dem honnert,7 vum 4. November 2001)